GD DUCHÉ DE LUXEMBOURG
CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Dépôt : M.Weirich
22.5.1980

# Motioun

d'Châmber vun de Lëtzebuerger Deputéierten

**bedauert** datt an der Bundesrepublik-Däitschland erëm plazeweis d'Identitéit vun eisem Land total falsch dohinnergestallt gët, an datt historesch a patriotesch Tatsaachen op eng perfid Fassong verdréint gin;

**invitéiert d'Regierung** fir am Cader vun der nationaler Instructioun an um kulturelle Plang alles ze maachen, dat eis spezifesch lëtzebuergesch Identitéit hei am Land an iwer d'Grenzen eraus, weist a stäipt; dat och an deem Sënn, datt fir d'Integratioun vun den Ausländer déi absolut néideg educativ a kulturell Infrastruktur geschafe gët, ouni déi dëst nët méiglech as;

**proposéiert** fir Letzebuergesch als offiziell Sprooch vum Land a sénge Leit an d'Gesetz ze schreiwen;

**erënnert drun** datt et elo heich Zeit gett dass konkret Verhandlungen, esowuel op nationalem Plang wé och mat Däitschland an de Gank kommen fir dé Problemer ze léisen, dé geschafe gowen duerch d'Zwangsrekrutéerung vun Letzebuerger Jongen a Medercher duerch Nazidäitschland.

J. WEIRICH J. GREMLING

Juncker. C. MEINTZ

Lulling

irich, Gremling, Juncker, Mcintz, Lulling.